Pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här
Marc Goergen
Conseiller Communal

30, Grousswiss

L-4875 Lamadelaine

Referenz: 2020.40169.SECR

Péiteng, den 10. Juni 2020

Betreff: Är Froe vum 11. Mai 2020

Här Marc Goergen,

Per E-Mail vum 11. Mai hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Här Buergermeeschter,

Am Gemengerot vum lëschte Méinden hutt dir ugekënnegt, nach eng keier wëllen iwwert dee Wiessel an der CSV Fraktioun ze schwätzen am nächste Gemengerot, dat wär no dem 20. Abrëll, dem 4. Mee 2020, dann den 18. Mee, erëm eng Kéier an als 3. Kéier är Partei d'CSV als Thema um ordre du jour.

De Johny Polfer huet ouni Zweiwel vill Verdéngschter fir eis Gemeng, an seng 20 Joer am Gemengerot, huet hien exemplaresch geschafft, wéi mir et och am Gemengerot vum 20. Abrëll, alleguer Fraktiounsiwwergräifend gesot hunn.

De Schäfferot huet den 20. Abrëll am Ufank, duerch är Persoun selwer ausféierlech iwwert den Här Polfer geschwat, an duerno huet de Schäffe Mertzig och nach am Numm vum Schäfferot, ëffentlech an offiziell a sengem Amt (am Gemengerot übt een säin Amt zu all Moment & Äusserung offiziell aus), op déi 20 Joer zeréck gebléckt .

Soumat hat déi onstabil CSV/LSAP Kollatioun (wei ee mat de Votte vum 20. Abrëll a 4. Mee 2020 erkenne konnt), wëll 2x am Gemengerot hier Zäit kritt fir sech kënnen ze präsentéieren.

Mir hunn eis och an anere Gemengeréit ëmgekuckt an ëmfrot, néirens ass en änlech Dräifach Prozedur ze fannen.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schäfferot an dem Zesummenhang folgend Froe stellen:

1. Mat wéi enger Argumentatioun an och a wéi enger Prozedur well de Schäfferot elo am drëtte Gemengerot erëm op de Wiessel zeréck kommen als Thema?

2. Wei oft soll de Gemengerot nach iwwert den aktuelle Wiessel an der CSV schwätzen?

3. Wisou gouf de Gemengerot net den 20. Abrëll driwwer informéiert, dass een an engem weidere Gemengerot erëm op Thema vum Wiessel ze schwätze well kommen?

4. Wäert de Schäffen Mertzig en zweeten Optrëtt kréien, wann elo am nächste Gemengerot fir drëtt iwwert de CSV Wiessel Rieden gehalen ginn, obwuel dee Schäffen säin Optrëtt schonn hat?

5. Dierf och de Recht vum Gemengerot nach eng Kéier eng Ried halen?

Merci fir Är Opmierksamkeet,
Marc Goergen
Gemengeconseiller

(Den Dossier gëtt behandelt vum Här Schmit Jerry - Tél.: 50 12 51 - 2011)

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118

Pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Mir huelen zur Kenntnis dass Dir Här Goergen eng aner Vue vu dem Fonctionnement vum Gemengerot hutt. Dat ass Äert gutt Recht, allerdéngs stellt de Schäfferot op Grond vun den Artikelen 12 an 13 vum Gemengegesetz den Ordre de jour vum Gemengerot op, an Dir Här Goergen musst verstoen dass de Schäfferot Iech net wäert froe wéi hie seng Aarbecht soll maachen.

Vum Départ vum laangjärege Conseiller John Polfer, dee vill Verdéngschter fir eis Gemeng huet, huet de Gemengerot den 20. Abrëll 2020 Kenntnis geholl. De 4. Mee huet de Gemengerot a senger Sitzung – wéi dat am Péitenger Gemengerot eng joerzéngtelaang Traditioun ass – den neie Conseiller André Martins begréisst an den 18. Mee 2020 huet de Gemengerot dem laangjärege Politiker a Schäffe Romain Rosenfeld eestëmmeg den Éierentitel vu senger Funktioun als Schäffen zougestanen.

Mat beschte Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118